ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

De *„Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster"* sicht ee *„chargé de presse"*. Wat déi sproochlech Kompetenzen ugeet, déi néideg sinn fir dee Poste besetzen ze kënnen, heescht et: *„La connaissance du luxembourgeois et/ou de l'allemand sont considérées comme un atout*." Wann ee bedenkt, datt de Kulturministär déi gréisste Finanzéierungsquell vum Centre Neimënster ass, sinn déi Astellungskritäre schwéier nozevollzéien a schénge mat dem Geescht vun eiser Legislatioun iwwer d'Sproochen net compatibel ze sinn. Zu deem Aarbechtsprofil hätt ech e puer Froen:

1. Mat wat fir engem Recht an aus wéi enge Grënn diskriminéiert eng Lëtzebuerger Kulturinstitutioun, déi zum gréissten Deel an ëffentlecher Hand ass, d'Nationalsprooch Lëtzebuergesch an d'Verwaltungssprooch Däitsch géintiwwer dem Franséischen?

Wat d'Opfaassung iwwert den Zougang vum Bierger zur Kultur ugeet, heescht et um Internetsite vum Centre Neimënster, datt sie d'*„reconnaissance de la culture"* als een *„droit citoyen et un service public assumé par la collectivité nationale"* ugesinn.

2. Wéi ass et an deem Kontext méiglech, datt dem Lëtzebuerger Bierger säi Recht a Fro gestallt gëtt fir, och am Kader vu kulturellen Evenementer, prioritär a selbstverständlech a senger Nationalsprooch informéiert ze ginn?

3. Misst e „chargé de presse“ net onbedéngt och all déi Sprooche kënnen, déi besonnesch vill an eiser Press benotzt ginn, dat heescht Däitsch an der geschriwwener Press a Lëtzebuergesch am audiovisuelle Beräich?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Députéierten